Lëtzebuerger Guiden a Scouten

CaraPio
EKIPP

5 rue Munchen-Tesch
L-2173 Lëtzebuerg

Tel : 26 94 84
Fax : FAXNUMMER

carapio@lgs.lu
www.lgs.lu

Demissioun CaraPio Kommissär

Léiwe Comité, Léiwe Verbandsrot, Léiw CaraPio Chef,

Heimat deelen ech, Mike Braun, meng Demissioun als CaraPio Kommissär, ab dem Kongress 2019 mat!

Dëst duerch verschidde Grënn, déi ech iech net enthale well.

Fir d'éischt wëll ech awer deene Merci soen, déi mech an deene läschte Joren op mengem Posten ënnerstëtzt hunn. Op dat, an der Funktioun als CaraPio Ekippemember, fräiwëllege Mataarbechter, Chef oder souguer CaraPio war, een décke Merci nach emol.

An deene läschte Joren hunn ech ganz vill Léit kënne geléiert, Frëndschafte sinn entstanen, hunn probéiert de Kontakt mat de Cheffen ze sichen an ze halen, hunn schéin an och manner schéin Erfarunge gemaach, an ech bereien am Nachhinein net, deemools dëse Posten ugeholl ze hunn.

Méi Striewen als Branchekommissär, war et ëmmer de CaraPio a CaraPio Cheffen ze hëllefe wou ech nëmme konnt, a mat Rot an Dot bei ze stoen. Leider ass dat di leschten Zäit ëmmer mi Niewesächlech ginn, do mer als Verbandsgrupp eis Prioritéiten op aner Saache geluecht hunn. Menger Meenung no si mir op deem Wee de Verband sou wëllen ze veränneren, datt mer dat urspréinglecht Vergiessen: eis CaraPio, eis Branchen, Cheffen an och Gruppen! Villes gëtt iwwert de Knéi gebrach, an engem keng Zäit gelooss fir et uerdentlech ze maachen.

Ech gi jidderengem Recht dat verschidde Veränneruнge wichteg sinn, mee nach net all, an net op sou kuerzer Zäit! Mat Staangen a Briecheise gëtt sech alles sou zurecht gebéit wéi een et dee Moment brauch. Eis Membere gi bausse fir gelooss an alles gëtt am „geheimen" geplangt an duerchgezunn.

Wéi de Verband am Moment geleet gëtt huet net mi vill mat deene Wäerter ze dinn, woufir ech als Branchekommissär an de Comité gaange sinn.

Dofir hei dann, mat schwéierem Häerzen, meng Demissioun. Mee wéi Spréchwuert et scho seet: „ Eemol Scout, ëmmer Scout", an deem Fall wäert een sech bestëmmt nach op verschiddene Platzen treffen.

Mat frëndleche Guiden- & Scoutsgréiss,

Mike Braun

lalux Sales-Lentz BIL

Ee grousse Merci un eis Sponsoren